1-2020-0-1-6330-01 (n°3447)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2021

# RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest,

- datt d'Aarbechten an der Institutiounen- a Verfassungsrevisiounskommissioun vun der Chamber un neie Verfassungstexter séier virukommen;

erënnert

- un d'Verspriechen, dat vill Parteie virun den nationale Legislativwalen 2018 ginn haten, fir déi nei Verfassungstexter enger breeder ëffentlecher Debatt virzeleeën, dono nach Ännerunge virzehuelen an dono, nom éischte konstitutionelle Vott an der Chamber, den zweete Vott iwwert déi nei Verfassung duerch e Referendum ze ersetzen;

decidéiert

- esou séier wéi méiglech eng breet ëffentlech Debatt iwwert all Propositioun zur Ofännerung vun der Verfassung, am Kader vun deenen Aarbechte fir eng global Verfassungsrevisioun, ze organiséieren;
- d'Resultater vun deene breede Consultatiounen an d'Aarbechten afléissen ze loossen;
- den zweete konstitutionelle Vott iwwert all Revisiounspropositioune fir d'Verfassung, déi sech an eng méi global Verfassungsrevisioun aschreiwen, duerch e Referendum ze ersetzen.

Fernand Kartheiser

**ADR - Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame · L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**